# 08.06.1986 : Zweet Duerffest

Scho samschdes nomëttes vun ½ 2 h riichte mer op, schleefe mer erbäi, kniwwele mer hei a knetzele mer do.

Owes em 10 Auer ass et dann esou wäit : alles steet, d'Grompere si geschielt an, ganz wichteg !, am Sall steet eng TV, an si geet esou guer : mar de Owend kënnen déi, déi et net kënne loossen, de Match Däitschland géint Schottland kucken. D'Gemeinsachftantenn gof beim Bouler uegzaapt.

Sonndes Muerges um 8 Auer goung et weider.

No der Mass gouf den Apéritif zerwéiert (dëst Joer kal). Em 10 op 12 ass de Metzler Krack mam lessen do ; eis Meedercher am Keller (d'Mme Kaiffer Nanni an d'Mme Muller Lucie) hun d'Zalot an d'gebootschte Grompere prett. Ee Moment Panik : 't si keng Telleren do ! Och dee Problem gët geléist an em ¼ vir 1 sin déi 180 – 190 Menuën zerwéiert.

Fir Mammendag hu mer all Mamm als Dessert eng Täertchen (gebak vum Marianne Zambon) offréiert.

Em 16.00 h : Concert vun der Fanfare Mondorf-Altwies.

Duerno erëm Danzmusék bis owes 10 Auer. Wann d'Dänzer sech am Ufank vläicht och e bëssche fléiewe gelooss hunn, gin se herno awer och méi waakreg. Fir d'éischte Kéier hate mer en Orchester (2 Mann, Ariston Duo) engagéiert, fir Stëmmung ze man. Gedanz gouf op eisem neien Danzbuedem.

De René Putz war an der Caisse, De Berscheids Jang bei de Glacen. Trotz deem gudde Wierder war dat kee grousst Geschäft.

Iwwer Mëtteg war et och nach e bëssche frësch, dofir hu mer d'Mëttegiessen am Sall an an der Schoul zerwéiert. Nomëttes huet d'Sonn da schéi geschéngt an 't gouf esou guer gutt waarm. D'Bänken an d'Dëscher goufen erop- an eroftransportéiert.